N°3494
Entrée le 02.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n° 3494 vum 21. Januar 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

**1. Firwat ass et aktuell nach ëmmer net méiglech eng Requête en ordonnance conditionnelle de paiement beim Friddensgeriicht digital iwwer MyGuichet anzereechen, obwuel et sech ëm eng standardiséiert a vill genotzte Prozedur handelt?**

Effektiv ass et aktuell net méiglech eng Requête en ordonnance conditionnelle de paiement digital bei de Friddensgeriichter anzereechen. Et goufen zwar scho Pläng dës Prozedur iwwer eng MyGuichet-Approche ze digitaliséieren an éischt Aarbechte fir sou e Projet hate schonns ugefaangen. Allerdéngs huet sech déi proposéiert Léisung bei den Analysen séier als onpraktikabel erausgestallt, esouwuel fir d'Bedierfnesser vun de Prozessparteien a vun de juristesche Beruffsleit, wéi och fir d'Bedierfnesser vun de Greffieren a Magistraten, sou datt dësen Usaz dee Moment opgi gi war.

**2. Ginn et konkret Projeten oder eng Zäitschinn, fir dës Prozedur an Zukunft voll digital ofzewéckelen a falls jo, wéini ass domat ze rechnen?**

Als Deel vun engem méi grousse Projet fir en Informatiounsportal fir d’Justiz opzebauen, deen och d’Geriichter digital “no bausse” soll interconnectéieren, ass och geplangt d'Prozedur vun der Ordonnance conditionelle de paiement ze digitaliséieren. Aarbechten an dësem Beräich sinn aktuell amgaang.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2026

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue